N°3238
Entrée le 25.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.11.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft, Aussenugeleeënheeten & Aussenhandel weiderzeleeden.**

D'USA hat weider Sanktioune géint Russland ausgeschwat an déi russesch Firma LUKOIL op eng Sanktiounslëscht gesat. LUKOIL huet och zu Lëtzebuerg Aktivitéiten a bedreift, ënnert Anerem, eng Tankstell zu Rodange ënnert dem Markennumm. An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3101 ginn d'Ministeren keng Detailer dozou, ob Lëtzebuerg oder d'EU sech den US-Sanktiounen uschléissen. D'EU-Filialen vu LUKOIL verkafen deemno weider hiren Ueleg a maache Suen domadder.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Kann ausgeschloss ginn, dass iwwert d'Aktivitéite vun LUKOIL zu Lëtzebuerg Suen an déi russesch Krichkeess iwwerwise ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés